N°929
Entrée le 18.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madame Gesondheetsministesch, Martine Deprez, op d'parlamentaresch Fro n°929 vum 25. Juni 2024 vun den honorabelen Députéierte Sven Clement, Marc Goergen a Ben Polidori zum Sujet "Cours de premiers secours"**

**Fro 1**

Tëscht dem 1. Januar 2020 an dem 31. Dezember 2023 hu ronn 70.000 Leit un engem Éischt-Hëllef-Cours deelgeholl.

**Fro 2**

Opgrond vun den Zuelen déi de CGDIS eis matgedeelt huet, misste 86.500 Leit am Besëtz vun engem Éischt-Hëllef-Diplom sinn, deen net méi al wéi 5 Joer ass. Mir kënnen awer dovun ausgoen, dass dës Zuel méi héich ass, well och d'Méiglechkeet besteet, säin Éischt-Hëllef-Cours am Ausland ze maachen.

**Fro 3**

D'Zil vun der Regierung ass et, dass zu Lëtzebuerg sou vill Leit wéi méiglech en Éischt-Hëllef-Cours maachen, dëst an enker Zesummenaarbecht mam CGDIS, deen och schonn u konkreten Initiative schafft, duerch déi d'Geste vun der Éischter Hëllef, zum Beispill am Sport oder an der Schoul weider promouvéiert solle ginn. Erwänenswäert ass zum Beispill déi aktuell GOAL-Campagne, déi de CGDIS zesumme mat der FLF am Kader un der UEFA Euro 2024 organiséiert huet, mam Zil, d'Prise en charge ënner anerem vum Häerzstëllstand ze verbesseren.

Lëtzebuerg, den 18. Juli 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN